

Lëtzebuerg, den 19. Februar 2021

RESOLUTION

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- de Rapport tëscht de Käschten an dem Notze vum „Large Scale Testing“ net just vun auslänneschen, mee och vu renomméierte Lëtzebuenger Dokteren a Fuerscher ëffentlech a Fro gestallt gëtt;
- no Ausso vun der WHO an enger grousser Etüd aus China, asymptomesch Leit ganz seelen ustiechend sinn an, och no Ausso vun der WHO vum 20. Januar 2021 (Information Notice 2020/05 vum 20. Januar 2021), PCR-Tester en éischer indikative Wäert hunn, deen eng Interpretatioun brauch, bei där nach eng Rei aner Faktore muss berécksiichtegt ginn;
- fir de „Large Scale Testing“ zu Lëtzebuerg ze assuréieren, vill auslännescht Personal rekrutéiert muss ginn, woubäi déi Betreffen, wa si eng medezinesch Qualifikatioun hunn, a Pandemie-Zäiten och an hiren eegene Länner géinge gebraucht ginn, an datt déi Tatsaach ethesch Froen am Kontext vum „brain drain“ opwerft;
- bei knappe Ressourcen d'Konkurrenz tëscht dem „Large Scale Testing“ an de PCR-Tester, déi op Ordonnance vum Dokter verschriwwen ginn, zu Retarde bei den Analysen an och bei der Zoustellung vun de Resultater ka féieren;
- zu Lëtzebuerg, ënner anerem wéinst dem „Large Scale Testing“, proportional gesi méi positiv Fäll wéi an eisen Nopeschlänner festgestallt ginn, an datt deen Ëmstand kann negativ Konsequenze fir eist Land hunn, z.B. am Kontext vun der Diskussioun ronderëm d'Reesfräiheet;

fuerdert

- d'Cour des Comptes op, fir e Spezialrapport iwwert de Large Scale Testing ze erstellen, an dobäi ënner Anerem d'Käschten an den Notzen ze evaluéieren an de Respekt vun alle legale Prozeduren, z.B. bei den Ausschreibungen an de Rekrutementer, ze kontrolléieren.